N°3574
Entrée le 30.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 30. Januar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun der Migratiounspolitik huet déi spuenesch Regierung rezent ugekënnegt, eng grouss Regulariséierungsmoossnam fir irregulär Immigranten anzeféieren. Per Regierungsdekret sollen all Persounen, déi sech virum 31. Dezember 2025 a Spuenien opgehalen hunn an op d'mannst fënnef Méint Openthalt noweise kënnen, eng Openthalts- a Schaffgenehmegung kréien, virausgesat si sinn net strofrechtlech veruerteelt. Dës Moossnam, déi ouni parlamentaresch Zoustëmmung a Kraaft triede soll, kéint no Schätzunge tëscht ronn 500.000 an 840.000 Mënsche betreffen.

D'spuenesch Regierung begrënnt dëse Schratt mat der Noutwendegkeet, enger bestoender sozialer Realitéit Rechnung ze droen an deene villen Mënschen, déi aktuell ouni rechtleche Status an am informelle Secteur schaffen, juristesche Schutz a sozial Ofsécherung ze ginn

An deem Kontext géing ech dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Wéi bewäert d'Regierung d'Regulariséierungsmoossnam, déi rezent a Spuenien ugekënnegt gouf?
- Plangt d'Regierung eng ähnlech Moossnam wéi a Spuenien?
- Fënnt zu dësem Thema en Austausch mat aneren EU-Memberstaaten statt?

Mat déiwem Respekt

Georges Engel

Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu